fir Jonker vun 11 bis 18 Joer



# SCIENCE-CLUB.LU

# News





5/2010

# An dësem News fënns du:

## Info:


- **Cyber Science**
  Säit 6 bis 7
- **Wéi entsti Wolleken**
  Säit 8 bis 9
- **Science Quiz**
  Säit 10
- **Opléisung vum leschte Quiz**
  Säit 11
- **Aktivitéiten**
  vun Säit 14 bis 42
- **Umellungsziedel**
  Säit 43






# Info



3

# Science live iwwert d'ganzt Joer!

**Bass du u Wëssenschaft an Technik intresséiert?**

**Hues du iwwer 11 Joer?**

**Wëlls du nei Leit kenne léieren, déi déi selwecht Intressen hu wéi s du?**

Wa jo, da kuck der den neie Programm vum „Science Club" genee un. De „Science Club" bitt dir nämlech vill flott Aktivitéiten, wéi zum Beispill verschidden technesch a wëssenschaftlech Workshopen an Experimenter, intressant wëssenschaftlech Ausstellungen am In- an Ausland, „Science Camp", ….

Wann s du un Aktivitéite wëlls deelhuelen, da mell dech beim „Science Club" per Post (mam Umellungsziedel op der leschter Säit), per E-mail (science-club@mnhn.lu) oder per Internet (www.science-club.lu) un. Mee denk drun, d'Zuel vun deenen, déi kënne matmaachen ass limitéiert. Duerfir, wann s du wierklech un enger Aktivitéit intresséiert bass, da mell dech esou fréi wéi méiglech un.







Science-Club
25, rue Münster
L-2160 Lëtzebuerg
Tel.: 462233-450
Rép. - Fax: -451

(www.science-club.lu)

De „Science Club“ ass eng Initiativ vum „natur musée“
(www.mnhn.lu)

an Zesummenaarbecht mat der
(www.uni.lu)

mat de „Jonk Fuerscher Lëtzebuerg“
(www.ajsl.lu)

mam "Projet Interactifs Scientifiques"
(www.pinscience.lu)

De Science Club ass Member vu ProScience, lëtzebuerger Réseau fir d'Promotioun vun der Wëssenschaftskultur.
www.proscience.lu

Mir hunn zesummen dësen intressante Programm op d'Bee gestallt a soen dem „Fonds National de la Recherche“ merci fir seng finanziell Ënner-stëtzung.

# CyberScience

## ENG REES AN DEI 4 DIMENSIOUN

(op Franséisch+Filmer op Däitsch an Englesch)
Op dësem Site kanns du Figuren aus der éischter, zweeter, drëtter a véierter Dimensioun entdecken.
http://www.dimensions-math.org/Dim_fr.htm





## PHOENIX MARS MISSIOUN (op Englesch)

Hei gëss du alles iwwert d'Phoenix Mars Missioun gewuer. D'Sonde „Phoenix" sicht no Liewen tëschent dem Äis an de Fielse vum Planéit Mars.
http://phoenix.lpl.arizona.edu/

**Dës Linken an nach vill méi fënns du och op der Internetsäit vum Science Club:**
www.science-club.lu

CyberScience

## FOLD IT

(op Englesch)
Hei kanns du Wëssenschaftler hëllefe Proteinen ze diebelen an esou déi beschte Pliagen ze fannen, fir dass d'Proteine stabil sinn. Wat méi Internetbenotzer matmaachen, wat méi Pliage kenne probéiert ginn. Mat Hëllef vun denger Intuitioun an Iwwerleeung kann d'Wëssen iwwert d'Proteinpliagen erweidert ginn. Dëst ass zum Beispill wichteg fir de Kampf géint Krankheete wéi Alzheimer an Aids.







## HOLOGRAFIKA

(op Englesch)
Entdeck Technike fir Hologrammer ze kréien. 3D Televisioun ass keng Science Fiction mee schons Realitéit. www.laermorama.ch

Grousser, klenger, décker, dënner … a Form vun engem Auto oder vun engem Päerd ... Wolleke ginn et an alle Formen, a mir gesi se bal all Dag um Himmel.

**Wéi entsti Wolleken?**

D'Loft, déi mir anotmen, besteet zu engem klengen Deel aus gasförmegem Waasser. Am Dag, wann d'Sonn schéngt, erwiirmen d'Sonnestralen d'Loft an d'Loft klëmmt, wéi en onsiichtbaren Heissluftballon, kilometerhéich no uewen. Andeems d'Loft no uewe klëmmt, killt se lues a lues of, well, wat ee méi héich klëmmt wat et méi kal gëtt. Kal Loft ka manner Fiichtegkeet späichere wéi waarm Loft. Well also dës ofgekillte Loft manner Waasser spaichere kann, verwandelt sech en Deel vum gasförmege Waasser a ganz winzeg kleng Waasserdrëpsen.

# Wéi entsti Wolleken ?

Dëse Virgang nennt een och nach Kondensatioun an dës Mini-Drëpse sinn têschend 0,01 an 0,001 Millimeter grouss a fiederliicht – si schwiewen a gi vum Wand iwwer grouss Distanze gedroen. Wa vill esou Drëpse beienee sinn, gesi mir vun ënne vun der Äerd aus eng Wolleck sech um Himmel laanscht bewegen.

**Wat soen eis d'Wolleken?**
Meteorologie ass eng Wëssenschaft fir sech an d'Wieder virauszesoen ass net esou einfach. Eng grouss Roll spillen do d'Wolleken, dës hëllefen dem Meteorolog fir d'Wieder virauszesoen.

**Cirruswollecken:**
D'Chance ass grouss dass et gläich schlecht Wieder gëtt.
**Cumuluswolleken:**
D'Wieder bleift normalerweis nach eng Weilche schéin.
**Stratuswollecken**
brengen oft Reen



## Bicher

**Sonst noch Fragen? Ranga Yogeshwar, Kiwi Paperback,**
ISBN 978-3-462-04108-8

## Internet

http://de.encarta.msn.com/encyclopedia_761567888/Wolke.html
http://www.physikfuerkids.de/lab1/wetter/wolken/regen.html

# Science QUIZ

## Wéi héich ass d'Charge vun engem Neutron?

A) 1
B) 2
C) 3
D) 4

**Schreif deng Äntwert op d'Umellung, oder schéck eis se per Post oder per E-mail. D'Gewënner gi gezunn a kréien e schéine Präis.**



# Opléisung vum leschte Science QUIZ

***An eisem leschte Science News hate mir dech gefrot, wéi al Riseschildkröte kënne ginn?***

- 100 % hu richteg erausfonnt, dass Rieseschildkröten ëm déi 200 Joer al kënne ginn, sou al wéi kaum een anert Déier ka ginn. Nach viru kuerzem ass d'Rieseschildkröt Hariett gestuerwen. Den Charles Darwin huet si 1835 am Alter vun ëm déi 5 Joer vun de Galapagos Insele mat an Europa bruecht. Spéider ass si an Australien bruecht ginn, wou se 2006 am Alter vun ëm déi 175 Joer gestuerwen ass. Dës Rieseschildkröte kënne bis ëm déi 200 Kilogramm schwéier ginn.

Aus ären Äntwerten hu mir 3 Gewënner gezunn:

- Eric Schockmel (11 Joer)
- Charlotte Bellomi (11 Joer)
- Thorgei Dorstewitz (11 Joer)


Loscht fir selwer z'experimentéieren?
Da komm op d'Researchers' Night de 24. September 2010 an der Stad!
Vu 14 bis 21 Auer kënne Kleng a Grouss d'Welt vun de Fuerscher kenne léieren, selwer Experimenter maachen oder och um grousse wëssenschaftleche Rallye deelhuelen.
Fir méi Infoen, Rendez-vous op www.researchersnight.lu
Programm:
• Wëssenschaftlech Workshops
• Science Rallye
• Science Cafés
RESEARCHERS' NIGHT 2010
Fonds National de la Recherche Luxembourg
LUXEMBOURG

# Aktivitéiten:

**tëschent 11 an 13 Joer**

Säit 14-29

**tëschent 13 an 15 Joer**

Säit 30-38

**tëschent 15 an 18 Joer**

Säit 39-42

# Tuk-tuk Boot

DONNESCHDES, DEN 30. SEPTEMBER 2010

6 Euro

vun 11 - 13 Joer

Rendez-vous: um 15:00 Auer (zréck 17:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Patrick DEIHALT
Biolog

Bau däin eegent Dampfboot zesummen!

Däi Boot kanns du natierlech mat heem huelen!





www.naturmusee.lu

# Solardänzer

DONNESCHDES, DE 14. OKTOBER 2010

6 Euro

vun 11 – 13 Joer

Rendez-vous: um 14:15 Auer (zréck 16:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Patrick DELHALT
Biolog

An dësem Atelier gëss du gewuer, wéi mir d'Sonneliicht kënnen notzen, fir Stroum ze produzéieren. Mir bauen dann eng flott Figur, déi um Fënsterbriet ufänkt mat danzen, wann d'Sonnestralen op se falen.



De Solardänzer kanns du natierlech mat heem huelen

www.naturmusee.lu

# Kosmetika – Chimie richen a spieren

SAMSCHDES, DE 16. OKTOBER 2010

6 Euro

vun 11 – 13 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 16:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: João MARTINS
Chemiker

Entdeckt déi faszinant Welt vun de Kosmetika! An dësem Atelier kritt der en Abléck an d'Chimie vun dëse Produkter an dir kënnt är eege Gamm vun Hautcrèmen, Shampoingen, Lëppestëfter a souguer en eegenen Deo mat selwer hirgestallte Gerécher man.





www.pinscience.lu

# Schmaachen an aner Saachen..

DONNESCHDES, DEN 21. OKTOBER 2010

4 Euro

vun 11 - 13 Joer

Rendez-vous: um 15:00 Auer (zréck 17:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Patrick DELHALT Biolog

Mir erliewen mat eisem "Schmaach" a "Gerochssënn" déi nei interaktiv Ausstellung "A tous les goûts". Do kanns du selwer richen a schmaachen a gëss vill iwwer dës 2 Sënner gewuer.




www.naturmusee.lu

# ROBODAY

SAMSCHDES, DEN 23. OKTOBER 2010

6 Euro

vun 11 - 13 Joer

Rendez-vous: um 09:00 Auer (zréck 15:00 Auer) am Schiefermusée zu Uewermarteleng

Responsabel: Marc KRIER Physiker

Bannt dësem Dag kanns de déi neisten NXT Mindstorms Roboter zesummebauen a programméieren. De Roboter ka schwätzen, gräifen, fueren, héieren, mat Hëllef vun Ultraschall "gesinn" a villes méi.





www.naturmusee.lu

# Corpus Humanum

**DONNESCHDES, DE 4. NOVEMBER 2010**

**4 Euro**

vun 11 – 13 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 17:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

**Responsabel: Maria URSONE** Biologin

Mir setzen aus verschidde Materialien de Kierper vum Mënsch mat sengen Organer an natierlecher Gréisst zesummen. Wat sinn d'Aufgabe vun den eenzelen Organer a wéi funktionéiert eise Verdauungssystem? Dëse "Mensch" kënnt dir natierlech mat heem huelen.



# Gesinn ech dat richteg?

DËNSCHDES, DEN 9. NOVEMBER 2010

4 Euro

vun 11 - 13 Joer

Rendez-vous: um 15:00 Auer (zréck 18:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Paulos CARLOS
Fuerscher an de kognitive Wëssenschaften
Katia DUSCHERER
Fuerscher an de kognitive Wëssenschaften

Wat d'An gesäit, a mir verstinn, huet heiansdo näischt mateneen ze dinn. Mir kucken a bastele Saachen, déi net esou ausgesinn, wéi se am Fong sinn.





www.naturmusee.lu

# Mad Lab: Pocket Disc

DONNESCHDES, DEN 11. NOVEMBER 2010

10 Euro

vun 11 - 13 Joer

Rendez-vous: um 15:00 Auer (zréck 17:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Maryse JOST
Guide vum 'natur musée'

An dësem Atelier léide mir e Lutespill zesummen a léieren seng elektronesch Baudeeler kennen faarweg LEDen blénken am Takt vun der Musek.





www.naturmusee.lu

# ROBODAY

**SAMSCHDES, DEN 13. NOVEMBER 2010,** **6 Euro**

vun 11 – 13 Joer

Rendez-vous: um 09:00 Auer (zréck 15:00 Auer) op der Uni Lux, Campus Walfer

Responsabel: Ingo SCHANDELER
Informatiker, Uni Lëtzebuerg

Bannt dësem Dag kanns de déi neisten NXT Mindstorms Roboter zesummebauen a programméieren. De Roboter ka schwätzen, gräifen, fueren, héieren, mat Hëllef vun Ultraschall "gesinn" a villes méi.



# Vu wou kënnt de (Fairtrade) Schokola?

DËNSCHDES, DE 16. NOVEMBER 2010

0 Euro

vun 11 – 13 Joer

Rendez-vous: um 15:00 Auer (zréck 17:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Françoise THEISEN Biologin

Aus wat besteet de Schokola a wéi gëtt en hiergestallt? Maach selwer däin eegene Schokola an entdeck de Wee vun der Kakaoplanz bis zur fäerdeger Tablett Schokola. Wat ass den Ënnerscheed tëschent fairem Handel (fair trade) a konventionellem Handel.



FAIRTRADE TRANSFAIR

www.naturmusee.lu

www.transfair.lu

# Krukerten um Lac du Der

SAMSCHDES, DEN 20. NOVEMBER 2010

20 Euro

vun 11 – 13 Joer

Rendez-vous: um 08:00 Auer (zréck 20:00 Auer) um P&R Howald (mir fuere mam Bus)

Responsabel: Claude HEIDT Biolog

Mir erliewen e geniaalt Naturspektakel um Lac du Der, wou am November masseg Krukerten an aner Waasservullen (Gänsen, Inten, Kormoranen) raschten.



# De kartesianeschen Daucher

**DENSCHDES, DEN 23. NOVEMBER 2010**

4 Euro

vun 11 – 13 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 16:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Patrick DELHALT
Biolog

Holz schwëmmt um Waasser, a Bläi geet ënner. Wéi een aus Holz a Bläi eppes bastelt, dat schwammen an dauchen kann, gëss du an dësem Atelier gewuer.



www.naturmusee.lu

# Freedefeier Chimie

SAMSCHDES, DEN 11. DEZEMBER 2010

4 Euro

vun 11 – 13 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 16:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: João MARTINS
Chemiker

An dësem Atelier entdecke mir all d'Geheimnisser vun der Chimie déi hanner de Wonnerkäerzen an dem Freedefeier stiechen. Mir wäerten eis eege Wonnerkäerz an ee klenge Feierwierkskierper maachen. Esou kanns du Chrëschtdag a Silvester esou richteg feieren!



# Mad Lab: 3D-Chrëschtbeemchen

**Donneschdes, de 16. Dezember 2010**

**10 Euro**

**vun 11 - 13 Joer**

Rendez-vous: um 15:00 Auer (zréck 17:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

**Responsabel: Maryse JOST**
Guide vum 'natur musée'

Passend fir d'Chrëschtdeeg léiden a bastele mir en 3D-Chrëschtbeemche mat ville klenge Luten, déi blénken. Hei léiers du awer och verschidden elektronesch Baudeeler kennen.

De Chrëschtbeemche kanns du natierlech mat heem huelen!



**www.naturmusee.lu**

# VAKANZ

## Vitarium Luxlait

DËNSCHDES, DEN 21. DEZEMBER 2010

6 Euro

vun 11 - 13 Joer

Rendez-vous: um 14:30 Auer (zréck 17:00 Auer) Luxlait zu Biissen

onsabel: Marianne HOFFMANN Biologin

Marise JOST guide vum 'naturmusée'

Komm mat an den neie Science Center "Vitarium" vun der Luxlait. E spannend Erliefnes: vill Experimenter an interaktiv Spiller erwaarden dech. Et geet lass mat enger Zäitrees (3D Film), duerno entdecke mir de Wee, deen d'Mëllech vun der Kou bis an eist Glas mécht.



www.luxlait.lu

VAKANZ

# Mikroskopie

DËNSCHDES, DEN 28. DEZEMBER 2010

4 Euro

vun 11 - 13 Joer

Rendez-vous: um 14:30 Auer (zréck 17:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Claude HEIDT Biolog

Schlappen-Déieren, Champignonen, deng eegen Zellen ënner d'Mikroskopen ënnersichen.



www.naturmusee.lu

# Digital 3D-Fotoen selwer machen!!

SAMSCHDES, DEN 2. OKTOBER 2010

4 Euro

vun 13 - 15 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 16:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Guy MARSON

3D-Biller loosse sech haut ganz einfach mat der Hëllef vun digitale Fotoapparater maachen. An dësem Workshop kanns du selwer 3D-Biller maachen a gëss alles iwwer dës speziell Method, fir Fotoen ze maachen, gewuer.





www.naturmusee.lu

Rendez-vous: um 10:00 Auer (zréck 16:00 Auer) am Schiefermusée zu Uewermarteleng

Responsabel: Marc KRIER
Physiker

Wéi gi Wieder-previsioune gemat? Wäert et muer reenen oder schneien?



# Rennboot bauen

SAMSCHDES, DE 16. OKTOBER 2010

10 Euro

vun 13 – 15 Joer

Rendez-vous: um 14:30 Auer (zréck 17:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Eugène SCHILTZ PINS Crew

An dësem Atelier baus du e Rennboot zesummen, dat entweder mat Hëllef vu Batterie oder mat Solarzellen duerch d'Waasser düst.



# Méttegiessen op der ISS

SAMSCHDES, DEN 23. OKTOBER 2010

4 Euro

vun 13 – 15 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 16:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: MARC ZIMER (Physiker Athénée de Luxembourg)
Joseph RODESCH (Chemiker FNR)

Am Weltall ass villes anescht wéi op der Äerd! Mat e puer spannend Experimenter kucke mir wéi eng Erausfuerderungen nëmmen en normalt Méttegiesse mat sech bréngen.



www.esa.com

www.fnr.lu

# Mad Lab: Funky Guitar

**DONNESCHDES, DEN 28. OKTOBER 2010**

4 Euro

vun 13 - 15 Joer

Rendez-vous: um 16:00 Auer (zréck 18:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Maryse JOST
Guide vum 'natur musée'

An dësem Atelier léide mir e Guitar-Synthesizer zesummen deen Nouten iwwer 5 Oktave spillt, a 4 verschiddenen Téin (akustesch Guitar, elektresch Guitar a Synthesizer).



D'Funky Guitar kanns du natierlech mat heem huelen!!



www.naturmusee.lu

# ARTFREAK WORKSHOP SIMPLEX COMPLEX

DONNESCHDES, DE 4. NOVEMBER 2010 BIS SAMSCHDES, DE 6. NOVEMBER 2010

0 Euro

vun 13 – 15 Joer

Rendez-vous: déi 3 Nomëtteger jeweils vu 14.00-17.00 Auer un am MUDAM

MUDAM LUXEMBOURG

Responsabel: MASSIMO MALUETTI Physiker
STINA FISCH MUDAM

VAKANZ

An dësem Workshop geet et drëms mat Volumen, Ornamenter an Onreegelméisseg-keeten ze experimen-téieren. De Bezuch tëscht Konscht, Mathe a Physik léiers du hei spilleresch kennen.

Dëse Workshop ass am Kader vum Projet Artfreak (MUDAM)

De Workshop gëtt begleet vun engem sympathesche Wëssenschaftler, dee keng Angscht virum Chaos huet!




www.uni.lu

www.mudam.lu

# Brute-Force Chemistry

SAMSCHDES, DE 6. NOVEMBER 2010

4 Euro

vun 13 – 15 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 16:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: João MARTINS
Chemiker

Spektakulär a staark reaktiv Reaktiounen erwaarden dech an dësem Atelier wou z. B. innerhalb vun 10 Sekonnen eng Temperatur vun iwwert 2500° C erreecht gëtt. Extrem héigen Drock wäerte mir opbauen a gewuer ginn wou dat an der Industrie gebraucht gëtt.




Schutzbrëll, Ouereschutz an net ze vergiessen Händschen sinn an dësen Atelier Pflicht !



www.pinscience.lu

# Bioseef

SAMSCHDES, DE 27. NOVEMBER 2010

4 Euro

vun 13 - 15 Joer

Rendez-vous: um 10:00 Auer (zréck 16:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: João MARTINS Chemiker

Maach deng eege parfüméiert Seef aus Déierefett, verschidden Alkoholen, Basen an Faarfstoffer. Mir benotzen dobäi d'originalt Rezept vum "Savon de Marseille". Du gëss hei awer och alles iwwert d'Chimie vun de Seefe gewuer.




www.naturmusee.lu

www.pinscience.lu

# Eng aussergewéinlech Steelut

SAMSCHDES, DEN 18. DEZEMBER 2010

25 Euro

vun 13 - 15 Joer

Rendez-vous: um 09:00 Auer (zréck 12:00 Auer) am 'natur musée' am Gronn

Responsabel: Maryse JOST
Guide vum 'natur musée'

Haut ass Konscht an Technik ugesot: Chic a schéin, eng aussergewéinlech Steelut. Kreeéier deng eege Steelut fir dech oder als Kado.





www.naturmusee.lu

# Ech automatiséiere mäin Zëmmer mam PC

METTWOCHS, DEN 3. NOVEMBER 2010

0 Euro

vu 15 - 18 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 16:00 Auer) CRP H. Tudor - Kirchberg

Responsabel: Georges SCHUTZ
CRP TUDOR

Eselwer programméiert Laflicht a mäin Zëmmer gëtt zur Disco, mat enger gesteierter Webcam gesinn ech wat alles am Zëmmer passéiert. Fir dat ze maachen, brauch ech just en ale PC e bëssi fräi Software e puer Kabelen an natierlech dat, wat ech an dësem Ateliere léieren.




www.tudor.lu

# ARTFREAK WORKSHOP SIMPLEX COMPLEX

DONNESCHDES, DE 4. NOVEMBER 2010 BIS SAMSCHDES, DE 6. NOVEMBER 2010

0 Euro

vu 15 - 18 Joer

Rendez-vous: déi 3 Nomëtteger jeweils vu 14.00-17.00 Auer un am MUDAM

sponsabel: MASSIMO MALVETTI Physiker
STINA FISCH MUDAM

An dësem Workshop geet et drëms mat Volumen, Ornamenter an Onreegelméissegkeeten ze experimentéieren. De Bezuch tëscht Konscht, Mathé a Physik leiers du hei spilleresch kennen.

Dëse Workshop ass am Kader vum Projet Artfreak (MUDAM)

**VAKANZ**

De Workshop gëtt begleet vun engem sympathesche Wëssenschaftler, dee keng Angscht virum Chaos huet!




www.uni.lu
www.mudam.lu

# Wéi ginn nei Materialien hiergestallt?

DONNESCHDES, DE 4. NOVEMBER 2010

0 Euro

vu 15 – 18 Joer

Rendez-vous: um 14:00 Auer (zréck 16:00 Auer) Site Technoport/CRP H. Tudor Esch

Responsabel: David RUCH Biolog

Entdeck, wéi hei zu Lëtzebuerg mat Hëllef vun der Nanotechnologie no neie Materialie gefuerscht gëtt: z.B. gesäiss du hei wéi Uewerfläche mat Plasma (ioniséiertem Gas) behandelt ginn an esou ganz nei Eegeschafte kréien.

VAKANZ



www.tudor.lu

# P&T: Internet, GSM, Tele,

FREIDES, DE 5. NOVEMBER 2010

0 Euro

vu 15 – 18 Joer

Rendez-vous: um 10:30 Auer (zréck 12:30 Auer) P&T Cloche d'Or

Responsabel: YVES SCHLUETER P&T

Mir besichen d'"Division des Télécommunications" vu P&T op der Cloche d'Or, fir erauszefannen, wéi den Internet, GSM an d'Tëlevisioun fonktionéieren.

VAKANZ



# Umellungsziedel

## Ech melle mech fir folgend Aktivitéiten un:

.....................................................................

.....................................................................

.....................................................................

.....................................................................

.....................................................................

.....................................................................

.....................................................................

Numm:..............................

Virnumm:..............................

Adress:..............................

L-..............................

Tel.:.................... Gebuertsdatum:...../...../.....

EMail:..............................

**Umellung och per Internet: www.science-club.lu**

Mat schwaarzem Bic ausfëllen w.e.g.

## Opléisung ScienceQuiz

Wann dësen Ziedel ausgefëllt ass, schéck, fax oder mail e w.e.g. un de:

**Science-Club - 25, rue Münster - L-2160 Lëtzebuerg**
**Tel.: 462233 450 - Fax: 462233 451 - Mail: science-club@mnhn.lu**

## www.Science-club.lu

D'SEKRETARIAT

Hei kriss du Informatiounen iwwer d'Aktivitéiten:


**Science Club**

**25, rue Münster**

**L-2160 Lëtzebuerg**

Tel: 46 22 33 450

Rép./Fax: 46 22 33 451

E-mail: science-club@mnhn.lu


COORDINATEUR AN USPRIECHPARTNER:


Musée National d'Histoire Naturelle

Patrick Delhalt

Tel: 46 22 33-429

E-mail: pdelhalt@mnhn.lu


## Partner:

Musée National d'Histoire Naturelle
25, rue Münster
L-2160 Lëtzebuerg

Jonk Fuerscher Lëtzebuerg A.s.b.l.
Boîte postale 1387
L-1013 Lëtzebuerg

Université du Luxembourg
Faculté des Sciences, de la Technologie et de la Communication
6, rue Coudenhove-Kalergi
L- 1413 Lëtzebuerg-Kierchbierg

Pinscience A.s.b.l.
12, rue de la Gare
L-3322 Bivange

## Mat der finanzieller Ënnerstëtzung:

Fonds National de la Recherche
6, rue Antoine de Saint-Exupéry
L-1017 Lëtzebuerg

## De Science Club ass Member vun:

ProScience: Lëtzebuerger Reseau fir d'Promotioun vun der Wëssenschaftskultur